# ***Meeschter am Enseignement***

De Meeschter am Enseignement huet d' Aufgab dem Jonken d' Handwierk theoretesch a praktesch ze vermëttelen an engem innovativen a séchere Kader.

# ***D' Beruffsbild vum Meeschter am Enseignement***

De Meeschter huet dat néidegt theoretescht a praktescht Hannergrondwësse fir dem Schüler komplex Aufgaben ze erstellen, déi vum Theoreteschen an dat Praktescht mussen ëmgesat ginn. Déi Jonk ze encadréieren an op hier Schwieregkeeten individuell anzegoen ass och e groussen Deel vu senger Aarbecht. Fir kënnen op d' Besoinen anzegoen muss hien e gudde Kontakt zu de Schüler hunn. Dëst gëtt och an de Meeschter Kuere vun 3 Joer geléiert, an am Stage pédagogique vun 2 Joer verdéift.

D'Organisatioun an d'Responsabilitéit leien op senge Schëlleren. Hien dréit Verantwortung a muss kucken dat Disziplin a Sécherheet am Atelier garantéiert sinn. Hie schafft mat Jonken déi mat geféierleche Maschinne schaffen, an dat mat Klasseneffektiver vun 13-24 Schüler an engem Atelier.

E klengt Beispill, wann en e Wuert falsch schreift ass nach keen ëmkomm. Beim Meeschter am Atelier ass dat anescht, well déi Jonk praktesch am Atelier schaffen. An dat mat richtege **"geféierleche"** Maschinnen! Déi Maschinne schneiden, dréien a si waarm, do kéinte schlëmm Accidenter geschéien. De Risiko ass nie ganz auszeschléissen dat eppes geschitt an dat ass den Ënnerscheed zu engem Enseignant den (nëmmen) Theorie enseignéiert. Gëtt d' Sécherheet net respektéiert, kann dat schlëmm Suitten hunn fir de Schüler an natierlech och fir de Meeschter.

De Meeschter muss sech permanent der Situatioun upassen a weiderbilden, ëmmer op dem neisten technesche Stand vun der Technik sinn fir de Schüler déi neisten Aarbechtstechniken kënnen theoretesch a praktesch bäizebréngen.

Wat versteet en ënner "um neiste Stand vun der Technik" ze sinn? Ma dat heescht e Meeschter mëscht permanent Weiderbildungen am techneschen an am didakteschen Handelen a schafft och d' Léierprogrammer an d'Examen mat aus. Fir awer ganz flexibel am Beruff ze sinn, muss de Meeschter am Enseignement sech och an anere Beruffer Auto-didaktesch weiderbilden. Well vill Meeschteren am Enseignement feelen, mussen och Meeschteren aus anere Fächer kënnen asprange fir d'Unzuel vun den Unterrechtsstonnen kënnen ze garantéieren. Dat weist wéi flexibel de Meeschter ass a muss sinn.

Hei, dann en Auszuch aus dem Europäesche Qualifikatiounsrahmen, wou beschriwwe gëtt wat den Niveau 6 (Bachelor) muss kënnen.

(Quelle: https://eur-lex.europa.eu/legal-content/DE/TXT/HTML/?uri=CELEX:32017H0615(01)&from=DE)

| | | | |
|---|---|---|---|
| Niveau 6 (*2)<br>Zur Erreichung von Niveau 6 erforderliche Lernergebnisse: | fortgeschrittene Kenntnisse in einem Arbeits- oder Lernbereich unter Einsatz eines kritischen Verständnisses von Theorien und Grundsätzen | fortgeschrittene Fertigkeiten, die die Beherrschung des Faches sowie Innovationsfähigkeit erkennen lassen und zur Lösung komplexer und unvorhersehbarer Probleme in einem spezialisierten Arbeits- oder Lernbereich nötig sind | Leitung komplexer fachlicher oder beruflicher Tätigkeiten oder Projekte und Übernahme von Entscheidungsverantwortung in unvorhersehbaren Arbeits- oder Lernkontexten<br>Übernahme von Verantwortung für die berufliche Entwicklung von Einzelpersonen und Gruppen |

Association des maîtres d'enseignement Luxembourg